


# E kloere Bléck fir eis Gemeng.



**Eise Bilan 2006-2011**





## Eise Bilan 2006 – 2011

An de leschte 6 Joer ass ganz vill an eiser Gemeng investéiert ginn. An eise Investitiounsprogramm hate mir Ufank 2006 aussergewöhnlech Ausgaben vu ronn 70 Milliounen Euro virgesinn. Um Enn vun dëser Mandatsperiod wäerte ronn 85 Milliounen Euro (plus 20 Prozent) a verschidde Projeten investéiert gi sinn. Gläichzäiteg ass d'Gemengeschold an der selwechter Zäit ëm 12 Milliounen Euro vun 34 op 22 Milliounen Euro zréckgaang, sou dass d'Gemeng Péiteng haut mat enger gesonder Finanzsituatioun, berouegt den Erausforderunge vun den nächsten Joren entgéint kucke kann.

*Durant les 6 dernières années d'importants investissements ont été réalisés dans notre commune. Notre programme d'investissements établi au début de l'année 2006 prévoyait des dépenses extraordinaires de quelque 70 millions €. A la fin de ce mandat, ce montant s'élèvera à 85 millions € (+ 20 %). Dans la même période la dette communale a été réduite de 12 millions € (de 34 à 22 millions €). Grâce à sa situation financière saine, la commune de Pétange peut entamer les défis des prochaines années en toute sérénité.*



## Eis Schoulen – Nos écoles

An der leschter Mandatsperiod (2006 bis 2011) goufen d'Schoulen „am Päschen“ a „Neiwiss“ zu Rodange ganz renovéiert a vergréissert. Weider goufen d'Schoulhäff vun dësen 2 Schoulen de neie pädagogesche Richtlinnen ugepasst. Fir de „Précoce“ lafen 2 gréisser Chantieren. Een zu Péiteng um Campus vun der Eigent-Schoul, den aneren zu Rodange am Bloberg (Avenue Dr. Gaasch). Fir d'Schouljoer 2012/2013 sinn dës Chantieren fäerdeg. Déi nei Klassenäil, déi onbedéngt gebraucht ginn, erlaben et, de „Précoce“ d'ganz Woch funktionnéieren ze loossen. An der 2. Halschent vun dësem Joer gëtt mat den Embau- a Vergréisserungsarbechte vun der Rollenger Schoul „Beim Tëtelsberg“ ugefangen. Mat dësem Projet wäert dann de Programm vun den Embauarbechten an eis Schoulen, deen am Joer 2000 ënnert der Direktioun vun der CSV ugefaange gouf, ofgeschloss sinn.

*Au cours de la période de 2006 à 2011, les écoles « am Päschen » et « Neiwiss » à Rodange ont été complètement rénovées et agrandies. En plus, les cours de récréation de ces deux écoles ont été conçus selon des critères pédagogiques modernes. En*

**CSV. E kloere Bléck fir eis Gemeng.**





*ce qui concerne l'éducation précoce, les deux chantiers de Pétange (Campus de l'école « Eigent ») et Rodange (dans l'avenue Dr. Gaasch) sont en cours de sorte que ces nouvelles infrastructures scolaires seront disponibles pour la rentrée scolaire 2012/2013. Au cours du 2e semestre de cette année, les travaux de transformation et d'agrandissement de l'école de Lamadelaine « Beim Tételberg » vont débiter. Ce projet va clôturer le programme de rénovation des écoles communales commencé au début de l'année 2000, sous la responsabilité politique du CSV.*

### **L.T.M.A. – Lycée technique Mathias Adam**

Zënter 2007 funktionnéiert den L.T.M.A. – mat ongeféier 1.800 Schüler – op dem neien Site op der Porte de Lamadelaine. No joerelaangem Hin an Hier kréien op deem neie Site, dee mir als CSV propagéiert hunn, d'Schüler aus eiser Gemeng an och aus de Nopeschgemengen an engem modernen an ecologeschen Schoulkomplex ënnert optimale Konditiounen postprimären Unterrecht gebueden.



*En 2007, le L.T.M.A. – regroupant quelque 1.800 élèves – a ouvert ses portes sur le nouveau site à la Porte de Lamadelaine. Après des négociations interminables, les élèves de notre commune, de même que ceux des communes avoisinantes, peuvent désormais réaliser leurs études post-primaires dans un complexe scolaire moderne.*

## Maison-relais – Crèche

An de leschte Joren gouf an eiser Gemeng vill a Kannerstrukturen investéiert. D'Maison-relais zu Rodange (fir 132 Schoukanner) ass am Joer 2007 opgaang. D'Crèche zu Péteng (fir 54 Kanner vun 0 – 4 Joer) huet seng Dieren am Hierscht 2010 opgemaach. D'Aarbechte vun der Maison-relais zu Péteng (fir 300 Schoukanner) si schon esou wäit, datt fir d'Schoulentrée am September 2012 mat der Ouverture ze rechnen ass.

*Une maison-relais (pour 132 écoliers) et une crèche (pour 54 enfants de 0 – 4 ans) ont été inaugurées en 2007 respectivement 2010. Les travaux concernant la maison-relais à Pétange (pour 300 écoliers) seront achevés en été de l'année prochaine.*

**CSV. E kloere Bléck fir eis Gemeng.**



## Jugend, Sport, Kultur a Fräizäit – Jeunesse, Sport, Culture et Loisirs

### Nei Sport- a Fräizäitsinfrastrukturen – De nouvelles infrastructures sportives et récréatives

Engersäits fir de Schoulsport an anerersäits fir de Veräinssport gouf am Ufank vun dëser Mandatsperiod eng nei Sportshal zu Rodange beim Philippart-Terrain opgeriicht. Weider gouf niewt dëser Hal een zweete synthetischen Fussballterrain gebaut. En anere groussen Invest fir de Sport war sécherlech och déi komplett Renovatioun vun der Péitenger Schwämm. No dësen Aarbechte gouf elo viru kuerzem mat de Renovatiounsarbechte vun den zwou Sportshalen ugefangen. Dës daueren 3 Joer, da stinn och zu Péiteng komplett nei Sportsinfrastrukturen zur Verfügung. Mam nationale Keelenzentrum mat 12 Pisten an enger ugebauter Tennishal mat 3 Terrainen entsteet fir de Moment zu Péiteng en zousätzlech wichtege Projet fir de Sport, dee bis Ufank 2012 fäerdeg ass.



Och fir de Fräizäitsport goufen an de läschte Joren e.a. e Fitness-Parcours a Boulenterrainen realiséiert. Am Juni 2007 ass de Naturpark „am Plon“ mat flotte Spazierweeër zu Rodange opgaangen.

*Vu le besoin accru, tant pour le sport d'écoles que pour les activités des associations, un nouveau hall sportif a été construit à Rodange près du stade Joseph Philippart. Un terrain de football synthétique servant principalement aux équipes des jeunes a été ajouté au complexe sportif du centre de Rodange. Afin de favoriser le sport dans notre commune, la piscine de Pétange a été complètement rénovée. Après la réalisation de ce projet d'envergure, les travaux de mise en conformité des deux halls sportifs ont été entamés, il y a quelques semaines. Finalement, la localité de Pétange va disposer dans 3 ans d'infrastructures sportives modernes. Un autre projet important dans l'intérêt du sport, à savoir le centre national de quilles (avec 12 pistes) avec le hall de tennis (avec 3 terrains), ouvrira ses portes au début de l'année 2012.*

*Au sujet du sport de loisir, l'administration communale a fait des efforts au cours des années écoulées (parcours de fitness, terrain de pétanque, ...). En juin 2007, le parc „am Plon“ avec d'agréables sentiers de promenade, a été ouvert.*





### D'Spillplazen – Les aires de jeu

Grouss Ustrengunge goufen an de leschte Jore gemaach fir engersäits nei, flott Spillplazen ze schafen an anerersäits sécher Spillplazen an eiser Gemeng ze hunn. All dës Beméiungen hunn dozou gefouert, dass d'Gemeng Péiteng als éischt Gemeng de Label „sécher Spillplazen“ krut huet. Niewt den Erneirungsaarbechten op ville Spillplazen, gouf och déi ganz nei Abenteuerspillplaz „Zauberschoul“ mat engem multifunktionellen Terrain bei der Neiwiss-Schoul zu Rodange opgeriicht.

*Des efforts substantiels ont été engagés au cours des récentes années, afin de créer des aires de jeu attractives et sûres dans notre commune. Grâce à ces démarches, notre commune vient d'avoir le label « des aires de jeu sécurisées ». En complément des travaux de renouvellement de nombreuses aires de jeu, une nouvelle aire de jeux d'aventures « Zauberschoul » avec un terrain multisports a été érigée près de l'école « Neiwiss » à Rodange.*





### D'Jugendhaus – La maison des jeunes

D'Jugendhaus vu Péiteng a seng Antenne zu Rodange hunn ee komplett neie Look krut. An Zesummenaarbecht mat dem zoustännegge Ministär goufen dës Haiser bannen an och deelweis baussen frësch gemaach.

*La maison des jeunes de Pétange et son antenne à Rodange ont été rénovées afin d'optimiser le déroulement des activités offertes aux jeunes.*

### D'kulturellt Liewen – La vie culturelle

Mam Ëmbau vun der Waxweiler Millen zu Péiteng, wou d'Aarbechte viru gutt engem Joer ugefang hunn, kritt dat kulturellt Liewen neien Obdriff. Am Fréijoer 2012 ginn dann eng ganz Rei vu kulturellen Aktivitéiten ugebueden. D'nächst Joer wäerten dann och d'Renovatiounsarbechte vum „Rouden Haus“ nieft der Millen, wéi och d'Aarbechte vun



den Alentouren ufänken, sou dass an 2 bis 3 Joer dës histoiresch Gebaier dësen Agang vu Péiteng markéieren.

Zënter 4 Joer verschéinert d'Skulptur „Ensemble“ vum Artist Pierre Renard d'Plaz virum neie Biergeramt. Am Gemengenhais an och „A Rousen“ sinn eng Rei vu Konschtwierker permanent ze gesinn.

*Un des projets les plus attendus, celui du moulin Waxweiler, a été lancé, il y a plus d'un an. A partir du printemps 2012, cet immeuble historique constitue un cadre optimal aux activités artistiques et culturelles diverses. Par la suite, les travaux de rénovation de la « maison rouge » ainsi que les travaux des alentours débiteront l'année prochaine, de sorte que dans un proche avenir ce complexe marquera l'entrée de Pétange.*

*Depuis 4 années, la sculpture « Ensemble » de l'artiste Pierre Renard embellit la place devant l'entrée du nouvel office des citoyens.*



## D'kulturellt Ierwen – Le patrimoine culturel

Den Ënnerhalt vun eisem kulturellen Ierwen läit eis um Häerz. Nodeems viru Joren d'Monument vum hellegen Eloi zu Rodange erneiert gouf, ass an de leschte Joren eng nei „Chapelle-sculpture“ fir d'helleg Bärbel am Park Godfroid zu Rodange opgericht ginn. D'Muttergottesknippchen zu Rolleng ass zesumme mat der Kirchefabrik erneiert ginn. Och d'Muttergottes-Stèle um Hierschtbiërg zu Péteng ass erneiert ginn. E Minettzuch steet zënter kuerzem bei der Piko-Schwämm zu Rodange.

Fir dass déi schrécklech Zäit vum 2. Weltkrich nët vergiess gëtt, ginn all Joer beim Square Hyman Josefson a bei der Borne du passeur Gedenkfeieren organiséiert. Beim 65. Anniversaire vun der Befreiung konnte mir den 9. September 2009 de Grand-Duc Henri an de Staatsminister Jean-Claude Juncker zu Péteng begréissen.

*Après la rénovation du monument du Saint Eloi à Rodange, il a été procédé au cours des dernières années à la construction d'une chapelle-sculpture pour la Sainte Barbe au parc Godfroid, à la rénovation de la « Muttergottesknippchen » à Lamadelaine et*





*de la Stèle pour la Sainte-Vierge à Pétange et à l'installation d'un train minier près de la piscine Piko.*

*Des cérémonies en mémoire des sacrifices cruels de la 2e guerre mondiale sont organisées annuellement au Square Hyman Josefson et autour de la Borne du passeur. Le 9 septembre 2009, au moment du 65e anniversaire de la libération, nous avons accueilli le Grand-Duc Henri et le Premier ministre Jean-Claude Juncker à Pétange.*

## Eis Gemeng – La mairie

Vun 2005 un huet Stadhaus eng Annexe. Duerno ass an de Joren 2006 bis 2010 den aalen Deel vum Gemengenhaas komplett erneiert ginn. Esou kënnen d'Bierger an engem frëndlechen Ennvironnement hir administrativ Formalitéiten erleedegen.

*Après la construction de la nouvelle annexe de la mairie terminée en 2005, la partie ancienne du bâtiment communal a été complètement rénovée.*



## Ëffentlechen Transport – Transport public

Och beim ëffentlechen Transport koum ët an de leschte Joren zu Verbesserungen. Engersäits ass, Enn 2006, beim neie Lycée op der Porte de Lamadelaine eng nei Eisebunnsgare entstaanen. Anersäits ass den Taktverkéier vun den TICE-Linnen verbessert ginn. Ënnert anerem funktionnéiert am Véirelstonnen-Takt eng Verbindung aus der Gemeng Péteng op Esch/Uelzecht.

*Dans le cadre du transport public, des améliorations de marque ont été obtenues. D'une part, une nouvelle gare du chemin de fer fonctionne depuis 2006 aux alentours du L.T.M.A.. D'autre part, la cadence des lignes de bus du T.I.C.E. a augmenté entre la commune de Pétange et Esch-sur-Alzette (toutes les 15 minutes).*



## Wunnengsbau – Logement

Am Laaf vum Joer 2008 sinn 23 nei Sozialwunnengen am Zentrum vu Rodange fäerdeg ginn. Dëst Joer gouf am Bloberg mam Bau vu 14 Wunnengen fir eeler Matbierger ugefangen.

*Au cours de l'année 2008, les nouveaux logements sociaux (23) au centre de Rodange ont été inaugurés. Depuis le récent printemps, la construction d'un bâtiment abritant entre autres 14 logements pour personnes âgées, a été commencée près de l'église de Rodange.*





## Drëtten Alter – 3<sup>e</sup> âge

Fir eisen eelere Matbierger d'Méiglechkeet ze ginn, hire Liewensowend zu Péiteng ze verbréngen, gouf am Zentrum d'Seniorie Saint Joseph vergréissert a moderniséiert. Ufank 2011 goufen dës nei Gebaier hiren definitive Bestëmmungen iwwerginn. Am Laaf vum leschte Joer ass an der Résidence „Liberté“ ee „Centre psycho-gériatrique“ opgaangen.

*Au début de l'année 2011, les travaux de rénovation et d'agrandissement de la Seniorie Saint Joseph, commencés en 2007, sont arrivés à leurs fins. En outre, un centre psycho-gériatrique a été installé dans la nouvelle résidence « Liberté ».*



## Waasserversuergung an Ofwaasserentsuergung – Approvisionnement d'eau et épuration des eaux usées

D'Bestriewung vum der Gemeng fir de Bierger aus eiser Gemeng Waasser vu gudder Qualitéit ze liwweren, goufe schon am Joer 2007 vum Inneministär mam Label „Drëpsi“ belount. Effektiv sinn an de leschte Joren grouss Investissementen an d'Waasserbassenge vu Rodange a Rolleng gemaach ginn. Dës weideren hunn d'Aarbechte vun engem ganz neie Waasserbasseng fir Péteng den 1. Juni 2011 ugefaangen.

Och am Beräich vum Ofwaasser goufen an de leschte Joren grouss Ustrengungen gemaach: zum Beispill d'Echelsbaach an den Reeniwwerlaafbasseng beim Pétenger Fussballsterrain.

*Les efforts de la commune réservés à l'amélioration de la qualité de l'eau ont été honorés par le label « Drëpsi » du Ministère de l'Intérieur. En effet, des travaux substantiels ont été effectués aux infrastructures des bassins d'eau de Rodange et*



*Lamadelaine. Le 1er juin 2011, les travaux de construction du nouveau bassin d'eau au Hierschtberg à Pétange ont débuté.*

*De plus, au niveau de l'assainissement des eaux usées, des projets d'envergure ont été réalisés (p.ex. : Eechelsbaach, bassin de rétention près du terrain de football à Pétange).*

## **Stroossenetz – le réseau routier**

An eiser Gemeng hu mir ee Stroossenetz vu ronn 32 Kilometer. Dëst bedénkt, dass ganz vill Aarbechten an dësem Beräich ufaalen. Och déi lëscht 6 Joer gouf ganz vill an de Stroosse geschafft. Regelméisseg gëtt de Stroossebelag erneiert. Verschidde Stroosse goufen komplett nei gemaach. Zu Péiteng: d'Rue Neuve, d'Avenue de la Gare, d'Rue du Chemin de fer, de Schwaarzewe, d'Rue du Bois, d'Rue d'Athus, d'Rue de l'Indépendance, d'Rue Aloyse Kayser an zu Rodange: d'Rue de la Terre-Noire, d'Rue de la Gendarmerie, d'Rue Charlotte. An anere Stroossen goufe ponktuell Aarbechten realiséiert.



**MINISTÈRE DU DÉVELOPPEMENT DURABLE  
ET DES INFRASTRUCTURES**  
Administration des Ponts et Chaussées  
Division des Services Régionaux de Luxembourg

**Avis d'adjudication**

Ouverture de la soumission: **jeudi 22 septembre 2011 à 10 heures.**  
Bâtiment des Ponts et Chaussées, 5-11, rue Albert Ier, L-1117 Luxembourg

**Objet: Réaménagement du CR76 rue Philippart à Rodange**  
(P.R.O.570-P.R.I.300)

Envoyeur:  
PART ETAT:  
Terrassements: 5.000 m<sup>3</sup>  
Matériau d'apport: CC resp. HFO/40: 8.600 t  
Enrobés hydrocarbonés: 1.540 t  
Bordures en granit: 2.000 m  
Surfaces en pavés béton: 720 m<sup>2</sup>

PART COMMUNE:  
Réseaux: PAT, CREOS, Antenne, Electricité, Gaz: 800 m  
Canalisation pour eaux mixtes: 800 m  
Terrassements: 30.000 m<sup>3</sup>  
Matériau d'apport: CC resp. HFO/40: 17.800 t  
Enrobés hydrocarbonés: 500 t  
Bordures en granit: 450 m  
Surfaces en dalles de béton: 8.500 m<sup>2</sup>

Début d'œuvre prévisible début 2012 / 400 jours ouvrables

Vision des lieux: le jeudi, 1<sup>er</sup> septembre 2011 à 11 heures.  
Rendez-vous au croisement rue du Commerce/rue Joseph Philippart  
(devant le bâtiment du fond du logement)

Les pièces de soumission sont à retirer aux bâtiments les jours ouvrables  
de 8 à 11.30 heures après réservation préalable au moins 2 jours ouvrables  
à l'avance par fax au numéro 85 57 37 contre la présentation d'un avis de  
délai (voir le formulaire) attestant le versement de la caution de 400 € sur le  
CCPL IBAN LU13 1111 0011 4696 0000 du Bureau des Domaines à  
Luxembourg (AEP), ce montant étant remboursable en cas de remise  
d'une offre valable.

Les offres portant l'inscription «soumission pour...» sont à remettre à  
Monsieur l'ingénieur première classe à l'adresse prévue pour l'ouverture  
de la soumission conformément à la législation et à la réglementation sur  
les marchés publics avant les date et heure fixées pour l'ouverture.

Luxembourg, le 20 juillet 2011.

Le ministre du Développement durable et des Infrastructures,  
**Claude Wiseler**




Verschidde Plazen goufen nei ugeluecht, wéi zum Beispill de Square François Ney zu Rolleng an d'Place de la Libération zu Péiteng.

Fir d'komplett Erneierung vun der Rue Philippart zu Rodange an der Rue Léonard Schroeder zu Péiteng sinn d'Aarbechten ausgeschriwwen. Dës Aarbechten, déi onbedingt noutwendeg sinn, fänken also an de nächste Méint un.

*Le réseau routier de la commune de Pétange compte quelque 32 km. Au cours des 6 années écoulées, des sommes importantes ont été investies dans ce domaine. Différentes rues ont été complètement renouvelées (à Pétange: rue Neuve, avenue de la Gare, rue du chemin de fer, Schwaarzewe, rue du Bois, rue d'Athus, rue de l'Indépendance, rue Aloyse Kayser, et à Rodange: rue de la Terre-Noire, rue de la Gendarmerie, rue Charlotte). Dans d'autres rues, des travaux ponctuels ont été exécutés. Des places publiques ont été réaménagées, notamment le Square François Ney et la place de la Libération.*

*En ce qui concerne les travaux de renouvellement des rue Philippart à Rodange et rue Léonard Schroeder à Pétange, ils vont commencer sous peu. Les avis d'adjudication y afférents ont déjà été publiés aux quotidiens.*



## C.I.G.L. A.s.b.l. Pétange

An Zesummenaarbecht mam C.I.G.L. Péteng, sinn an de leschte Joren eng Rei flott Projeten am Interesse vun eise Bierger ugelaaf, wéi z.B.: d'Internetstuf, d'Bibliothéik „Bicher3“, de Kuerbuttek, de Kalendula-Gaart an de Fitness-Parcours.

*En étroite collaboration avec le C.I.G.L. Pétange, des projets intéressants ont démarré au cours des dernières années, notamment le Cyberhall, la bibliothèque « Bicher3 », l'épicerie solidaire « Kuerbuttek », le jardin Kalendula et le parcours de fitness.*

# Mat kloerem Bléck no vir.

imedia.lu


## Eis Wahlversammlungen

Dönschdes, den 27. September  
um 19 Auer am „Centre de loisirs“ zu Rolleng

Mëttwochs, den 28. September  
um 19 Auer am „Kulturzenter“ zu Rodange

Donneschdes, den 29. September  
um 19 Auer am Kulturzenter „A Rousen“ zu Péiteng

Samschdes, den 1. Oktober  
sinn eis Kandidaten an de Stroossen vun der Gemeng  
„on Tour“



[petange.csv.lu](http://petange.csv.lu)

